



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6557 vum 26. Juli 2022 vum Här Deputéierten André Bauler an vun der Madamm Deputéiert Carole Hartmann.

Wat sinn d'Ursaache fir d'Dauer vun de Chantieren um CR356 an um CR121? Wéini sollen hei déi konkret Aarbechte ufänken a wéi laang soll d'Dauer dovunner sinn?

D'Ausschreiwung fir d'Aarbechten um CR356 tëscht Waldbëlleg an der Heringermillen ass ganz rezent opgemaach ginn. D'Aarbechte benéidegen eng 220 Aarbechtsdeeg a wäerte viraussichtlech am Januar d'nächst Joer ufänke kënnen. D'Streck wäert dee Moment och musse fir de Verkéier gespaart ginn.

Betreffend den Aarbechten um CR121 tëscht dem Schéissendëmpel an der Heringermillen lafen d'Etüden. An dem Kader sinn och geotechnesch Buerungen an déi dorausser folgend Erkenntnesser néideg fir de Projet weider kennen auszeschaffen. Éier awer déi Buerungen am Grondwaasser kenne gemaach ginn, huet missen déi néideg Autorisatioun virleien.

Déi entspreichend Demande gouf am November 2021 vu menge Servicer bei der zoustänneger Administratioun deposéiert. Am Juni 2022 gouf dunn déi benéidegt Autorisatioun ausgestellt.

Déi Etüd kann also elo ufänken a fir Enn 2022 leit viraussichtlech en definitive Projet fir. Esoubal de Ausschreiwungsdossier ausgeschafft ass, kënnen d'Aarbechten dann och ëffentlech ausgeschriwwe ginn.

Dëst natierlech ënnert der Konditioun, datt zu dem Moment all déi néideg Autorisatiounen fir dës Aarbechte virleien.

Et ass virgesinn, datt d'Aarbechten ufanks 2024 lancéiert kenne ginn an dann tëscht 6 an 9 Méint dauere wäerten.

Generell ass ze betounen, datt d'Aarbechten an enger Natura 2000 - Zone stattfannen, wat bedeit, datt all d'Aarbechte strenge Critèrë betreffend den Agrëffer an d'Natur ënnerleien. Doriwwer eraus ass och ze ënnersträichen, datt wann op enger Plaz wéi dëser, d'Strooss rutscht, eng komplex Rei un geotechneschen Etüden noutwenneg si fir hei d'Strooss nohalteg ze flécken an datt se net bei weideren Onwiederem op der nämmlecher Plaz direkt rëm Schied opweist.

Wou ass de Projet „Präiteler Bréck“ drun? Ass d'Soumissioun amgaangen oder schonn ofgeschloss? Wéini sollen hei d'Aarbechten ufänken a wéi laang sollen se daueren?

D'Ausschreiwung fir de Projet vun der „Präiteler Bréck“ an de Reamenagement vun der Kräizung tëscht dem CR118 an dem CR121 ass deslescht ofgeschloss ginn an d'Aarbechte wäerten elo am Hierscht 2022 ufänke kënnen. D'Aarbechten daueren hei viraussichtlech eng 400 Aarbechtsdeeg.

Lëtzebuerg, den 1. September 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch